103,6 100.3 antenne collective 3/1

An dëser Stonn

Liddl. a schwéier Zeit

D'Geschicht vun der lëtzb. Jugend am 2k Weltkrich

Vum Balkan erem hém op Lëtzebuerg 3

An onsere leschte Sendungen hate mir gesot, dass vill Zeitzeien net gären virun de Micro kommen fir iwert hirt Schicksaal ze erzielen; awer bereed sin doriwwer ze schreiwen. An eso hu mir ugefaangen mam Erzielen vum ~~Schi~~ Leidenswé vun engem lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten dém säi Calvaire nach net mam Enn vum Krich eriwer war. Wé d'Preise kapituléiert haten den 8te Mee 1945 war seng Kompanie am dé'malegen Jugoslawien. D'Partisanen hun de preiseschen Occupatiouns Truppen vill ze schafe gemaach an munches deutschen Zaldot an och Lëtzebuerger hun dobei hirt Liewe misse lossen.

Eisem lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten dén hei erzielt war éngzege Lëtzebuerger a senger Kompanie an hat zeitter engem Joer ké lëtzebuergesch Wuert mé geschwat. Och vun éngem lëtzebuerger Schicksaalskomerod gow hien méi um Wé fir hém getrennt. Séng Karabin a Patrougenier hat hien wé et geheescht hat de Krich wär eriwer, ewech geheit, wat him schon an énger éischte Episode d'Liewe gerett hat. Leider war hien am Lazarett wé aus dem Gefangelager d'Auslänner eraus gesënnert goufen an eso war hien verurteelt weider de Wé vun de preiseschen ~~Kri~~ Gefangenen Zaldoten ze goen. E glécklechen Zoufall fir hien war, wé en Dolmetscher ~~dén~~ fir op Franséisch ze iwwersetzen wat en serbeschen Dokter mat engem Wiener Dokter ze bespriechen hat. De serbeschen Dokter konnt nemmen ausser senger Heemechtsprooch Franséisch an de Wiener nemmen Deitsch.

De Wiener war als preisechen Dokter am Gefangelager, konnt awer kengem Kranken hellefen well hien keng Medikamenter hat. Eise Frend Pierchen erklärt dem Serbeschen Dokter d'Situation an sei Bericht gëtt wéi follegt viruun. 

"No enger Woch war ...

*Oberarzt* bei äis, mee deen hat absolut näischt, keen Instrument a keng Medikamenter, mol keng Atebrintabletten, an dobäi hate mir jo grad esou vill Malariafäll ënnert äis. Déi zwee Doktere sin zesummekomm, mee leider (oder fir mech: Gott sei Dank) huet de Wiener Dokter nëmmen Däitsch geschwat an deen aneren - nieft sénger Mammesprooch Serbesch - nëmme Franséisch. Hie war vu Belgrad an hat virum Krich séng Studien zu Paräis gemaach, dofir huet hie perfekt Franséisch geschwat. Du koum méng grouss Chance: iwwert de Mikro as gefrot gin, ob een do wier dee Franséisch kënnt. Et war nëmmen een do, an dat war ech! Du hun ech Dolmetscher gespillt fir déi zwee Dokteren.
De Wiener huet mir all séng Wënsch matgedeelt, an ech hun dem Serb s'iwwersat. An der Nuecht virdrun hat erëm ee sech opgehaang, an de Serb gouf aus méngem Schwätze gewuer, wéi schlëmm d'Situatioun bei äis op medizineschem, moraleschem a materiellem Gebitt war. Hien huet mir den Opdrag gin dem Wiener Dokter matzedelen, datt hie séngem Kommandant, dem Militärchef vum Flughafen zu Sombor, Rapport géif maachen an dofir suergen, datt eppes fir äis gemaach géif.
Wéi no deem Gespréich de serbeschen Dokter nees a séng Kutsch wollt klammen, sot ech, ech hätt him nach eppes perséinleches matzedelen. Ech hun him a kuerze Wierder méng Leidensgeschicht verzielt, hien huet ganz interesséiert nogelauschtert a gesot, hien hätt sech direkt geduecht, datt ech keen Däitsche wier. Hie géif dofir suergen, datt ech hei erauskéim. An e puer Deeg kéim hien zréck, bis dohinner sollt ech mäi Fall zu Pabeier bréngen, adresséiert un de Kommandant vum Flughafen - säi Chef - deem géif hie Rapport maachen, an ech sollt op Franséisch schreiwen. Hie gët mir d'Hand a wéi hie fort war, sin ech vu ménge Komerode bekuckt gin, wéi wann ech vum Mound kéim. Ech war op eemol eng Respektspersoun, 't as alles datt se net salutéiert hun, wann ech an den näxten Deeg opgekräizt sin! Ech hu mir Pabeier an e Bläistëft besuergt an ee Bréif mat méngem Lieweslaf un de Chef zu Sombor geriicht.
No enger Woch war de serbeschen Dokter erëm do, hien hat e bëssche Medikamenter (Atebrin) matbruecht. Ech gin him mäi Schreiwes, hie liest et (très bien) a seet: de Kommandant weess Bescheed iwwer Iech. Haalt Iech prett, an den éischten Deeg gitt Dir ofgeholl. Ech war wéi aus dem Haischen! Bis elo war nach keen aus dem Lager fräikomm, ech sollt deen éischte sin. Ech krut all Dag Ziedelen zougestach mat Adressen aus Däitschland an Eisterräich, och dem Peter VON SOELDEN séng vu Meran. Ech hun och un all déi Leit geschriwwen, wéi ech erëm doheem war, krut awer net vill Äntwerten.
No e puer Deeg war et esou wäit. Ee Militär mat engem *Pange*won huet bei der Entrée gehalen. Alles stong ronderëm ze kucken, et war een Ereegnes, jidderee wollt mir nach d'Hand drécken, 't war wiirklech een ergräifenden Ament. De Partisan as mat séngem Weenche mat mir op Sombor op d'Gare gefuer. Do stong erëm een anere Partisan mam Gewier an huet mech an Emfank geholl. An der Gare ware vill Leit, e puer vun hinnen hu mech vernannt a wollten u mech goën, ech hat jo nach ëmmer méng verhaasste preisesch Uniform un. De Partisan huet de Leit eppes zougeruff, an du hu se mech mat Rou gelooss an neess méi frëndlech bekuckt. De Militär as du geschwë mat mir an een Zuch geklomm. Ech hat keng Ahnung wou d'Rees higaang as. Mir sëtzen an engem Coupé mat anere Leit zesummen, an ech mierken, datt vu mir geschwat gët. Op eemol freet eng Fra mech a gebrachenem Däitsch, wat fir eng Relioun datt ech hätt. Do huelen ech de Rouskranz aus der Täsch, an déi gutt Fra fällt mir ëm den Hals an dréckt mir d'Hänn ganz fest.
Mir fueren a fueren, an no e puer Stonne koume mir an eng grouss Stad, ech gesin datt et Belgrad as. Alles klëmmt eraus. Ech gin nieft dem Militär, et ka kee mat deem anere schwätzen. Mir kommen aus der Gare a gin duerch vill Stroossen. Iwwerall Leit, déi mech ganz onfrëndlech ukucken. Wann déi wéisste wat wiirklech mat mir lass war! An enger roueger Niewestrooss bleift de Partisan op eemol virun engem schéinen Haus

stoën, hie laacht, a wat gesin ech: op engem Schëld virun der Dir steet grouss: *Légation de France*. Et as eppes duerch mech gaang, ech hat eng Freed, déi war net ze beschreiwen. Hie geet mat mir eran, a schons gin ech vu Fransousen an Ëmfank geholl. De Partisan gët mir d'Hand déi ech ganz fest drécken, a scho war hie fort. Ech gi gläich an een Duschraum geféiert. Méng verlompten Uniform an d'ënnescht Wäsch waren an engem lamentablen Zoustand, verknascht a voller Schweess a Fléi, Ech hun alles ausgedon a krut näischt méi dovun erëm ze gesin. Wéi ech propper gewäsch war, hu se mir neit Gezei gin: frësch Ënnerwäsch, een Zivilkostüm a Schong, ech hu mech dun erëm wéi neigebuer gefillt. No 33 Méint an där knaschteger preisescher Uniform hun ech mech erëm als Mënsch gefillt. Fir mech war ee Wonner geschitt, ech hu gemengt, ech géif dremen, an dach war et Wiirklechkeet.
Dono sin ech an ee Büro komm wou ee franséischen Offizéier souz. Ech hat nach méng lëtzebuerger Identitéitskaart behalen, an dat war gutt, well ech krut se direkt gefrot. Ech sin du registréiert gin a koum an ee Raum do stongen eng Rei Better, eent war fir mech. Et souzen e puer Leit do Kaart ze spillen, ech stelle mech vir. Dat anert sin elauter Elsässer. Owes beim Nuetsiessen as och nach een Neibelsch dobäikomm, awer kee Lëtzebuerger. Deen Dag drop koum awer Gott sei Dank een, et war den Armand JUNIUS vu Bouneweg. Deen aarme Kärel koum op de plakege Féiss. Mir zwee sin direkt gutt Frënn gin a blouwen et och bis zu séngem Dout an de 70er Joren. Do hate mir ee gemittlecht Liewen, mir konnten och an d'Stad goën, awer nëmmen als Grupp. Ee Fransous vu serbescher Ofstamung war eise Guide. D'Iesse war gutt an et wir alles ganz flott gewiescht, wann do net déi schrecklech Ongewëssheet gewiescht wier: wéi gesäit et doheem aus? Méng Gedanke waren ëmmer zu Woltz bei méngen Elteren. Liewe se nach? Mir krute franséisch Zeitungen ze liesen. Do stong dran, déi ganz preisesch Naziband wier zu Munnerëf am Casino ënnerbruecht, mam GOERING un der Spëtzt. Wat war dat eng Noriicht, ech hu méngen An net getraut.
De 17. September krute mir gesot, deen Dag drop géif ee Fliger vu Belgrad op Paräis fléien, mir kënnten e Bréif heem schreiwen. Dat hu mir dun och gemaach, an tatsächlech, de Bréif as den 18.9. op Paräis komm, wou en den 20.9. gestempelt gouf. Zu Woltz war en zwee Deeg méi spéit. Ech hun d'Envelopp an de Bréif haut nach. Du wousste méng Eltere wéinstens, datt ech nach um Liewe war. Si hate 14 Méint laang näischt méi vu mir héieren.
Kuerz drop hu mir dann Jugoslawiën definitiv äddi gesot. Mir sin an enger Grupp vun ca. 20 Mann - bal nëmmen Elsässer, e puer Lothrénger, ee Belsch a mir zwee Lëtzebuerger - op de Flughafe bruecht gin, wou een englesche Fliger op äis gewaart huet. Et war ee *Vickers-Wellington* deen amenagéiert war fir Parachutisten, mat zwou laange Bänken op der Säit a fräi Plaz an der Mëtt. Et war fir äis alleguer deen éischte Flug. Mir denken, elo geet et direkt op Paräis, awer neen, mir fléien iwwert Montenegro an iwwert d'Adria a landen dun zu Bari a Süditaliën. Do goufe mir du mat Militärkamiônen an ee Lager transportéiert, dat war eng béis Enttäuschung fir äis, mee d'Haaptsaach war, datt mer endlech aus deem verdammte Jugoslawiën eraus waren. An dësem Lager war et och net iwwel, z'iesse gouf et méi wéi genuch. Ech hat nach vergiess ze son, datt mir an der *Légation de France* zu Belgrad een Auswäis kritt haten, ganz amtlech mat ville Stempelen déi no an no derbäikoumen. Dat war ee ganzt wichtegt Dokument mat deem mir äis iwwerall fräi bewege konnten, souguer an de Militärvariétéen haten mir Zoutrëtt. Do hu mir alt esou zu Bari erëmgehaang.
Et as nees een Transport fortgaang, awer nëmme Fransousen, dat huet äis nervös gemaach. Dofir si mir zu véier Mann (2 Belsch an 2 Lëtzebuerger) an d'Stad op de *Consulat de France* gaang fir äis z'informéieren. Ech war de Spriecher, well ech konnt am beschte Franséisch. Mir krute vum Konsul confirméiert datt mir och an den éischten

Deeg un d'Rei kéimen. Um Wee fir hannescht an d'Lager si mir beim Mier laanscht komm. Kee vun äis véier hat je virdrun d'Mier gesin! Et war esou schéi blo a roueg, dat huet äis eng gewalteg Impressioun gemaach. D'Wieder war och wonnerbar, an d'Iessen am Lager esou gutt, et wier alles perfekt gewiescht, wa mir net esou no heem verlaangert hätten. Dat ware bestänneg eis Gedanken.
No e puer Deeg war et dun esou wäit. Mir sin an enger Grupp zesummegestallt gin, do war och erëm ee Lëtzebuerger dobäi, den Ed TOUSSAINT vu Weimeschkiirch, wéi mir heemkoumen, du ware mer zu fënnef: Armand JUNIUS, Bouneweg, Francy REITER, Hamm, Edouard TOUSSAINT, Weimeschkiirch, J.B. GEHREND , Esch/Uelzecht, an ech. Mir sin awer nëmmen a Véiwaggônen transportéiert gin, du gong et queesch duerch Süditalien op Aversa bei Neapel wou erëm ee Lager op äis gewaart huet. Nujee, wat sollte mir maachen, et gong jo ëmmer méi no op heem zou, dat war d'Haaptsaach. Mir hun äis mat eiser Situatioun offonnt, dat Schlëmmst war jo elo iwwerstan. Deemools war eng richteg Völkerwanderung am gaang, honnertdausende waren der ënnerwee fir heem. Mir waren elo well wäit am Oktober, mee d'Wieder war nach ëmmer schéin, mir ware jo nach zimlech déif am Süden. An eisem Waggôn souzen och zwee jonk preisesch Fraleit, déi hu miserabel ausgesin , voller Ausschlag, et gouf gesot, si hätte Syphilis. Ech hu mech wäit vun hinnen ewech gehal, mee anerer hu gemengt, si missten ubëndelen, ~~bah~~!
Eist neit Lager war och net iwwel, mir hun awer d'Zäit laang kritt. Mir dräi waren ëmmer beieneen, mir hun äis een deem anere Courage gemaach. No enger Woch ware mir schons erëm op der Rull, mir sin iwwer Roum, Livorno, La Spezia op Genua gefuer (ëmmer nach am Véiwon). Dat war nees ee gutt Stéck méi no doheem. Zu Genua am Lager war et méi international, meeschtens Zivilisten. Den Armand an ech hun äis vill am Hafen erëm gedriwwen, do gouf et vill ze kucken. Eemol si mir duerch eng schmuel Gässel gaang, do stongen d'Medercher um Trëttuar, dat hate mir nach ni gesin! Eent hëllt den Armand mam Arem an zitt en an eng Hausdir eran. Ech hu mech net getraut nozegon. No e puer Minutte koum den Armand nees eraus, mat him war kee Geschäft ze man! Am Lager hate mir all e bësschen Täschegeld kritt (Lira). Domat hu mir eppes kaaft fir ze drénken. Zu Genua ware mir net ganz laang. Vun do aus si mir fir d'éischt mat engem richtege Persounenzuch gefuer. Mir koumen op Nice, wou mir am *Hotel Majestic* aquartéiert goufen, o la la! Do gouf et du méi eescht, mir koume ganz grëndlech an d'Botz, mir goufe plakeg vu jonken Dammen am wäisse Schiertech ofgesprayt. Dono koume mir bei den *Deuxième Bureau*, déi hu sech awer nëmmen ëm d'Elsässer an d'Lothrénger gekëmmert. Si hate Lëschten do, eis Pabeieren, och dat däitscht Soldbuch, goufe genee ënnert d'Lupp geholl.
No dräi Deeg si mir dun op déi lescht Etapp komm, Nice-Lëtzebuerg, mat enger klenger Ënnerbriechung zu Chalons-sur-Saône, do goufen erëm Formulären ausgefëllt, ier mir iwwer Dijon/Nancy/Metz op Lëtzebuerg koumen, wou mir spéit owes, den 23. Oktober 1945 agelaf sin. Do goufe mir gaangs op den Houwald bruecht, wou mir fënnef du vum lëtzebuerger Militär ausgefrot gi sin. Déi haten och Lëschten do leien, mir wousste guer net, wat dat op sech hätt. (Si hun no Gielemännercher gesicht.) Vun äis fënnef stong keen op der Lëscht. Dono krute mir eppes z'iessen an ee Bett, dat war och déck néideg, well mir waren alleguer futti a ganz duercherneen.
Moies nom Kaffi si mir an d'Stad geféiert gin, op de *Rapatriement*, do krut jidderee 500.- Frang, an ech krut och nach ee gratis Zuchbilljee op Woltz. Am **Roude Kräiz**, wou mir nach Gezei kritt haten, begéinen ech zwee Wëltzer, de Geméis Louis (STEINMETZ) an de Mullejhang (WAGNER), ech froë si, wéi as et zu Woltz, a liewe méng Elteren nach? A jo, sote si, déng Eltere sin nach do, an och äert Haus huet net vill Schued gelidden. Ech hu gekrasch vu Freed, dat war dee schéinsten Ament a méngem Liewen!
Dono hun ech beim Armand zu Bouneweg zu Mëtteg giess, sin dun op d'Gare gaang a

war géint dräi Auer zu Woltz. Déi Wëltzer Gare louch ganz an engem Koup, an et huet net schéin ausgesin a ménger Hemechtsstad. Op der Lann huet d'Madamm BORMANN hire Jong Roger mam Velo an de Wéineberig geschéckt fir méng Mamm ze prevenéieren. Si koum mir dun entgéint, a mir sin äis op der Strooss ëm den Hals gefall an hun Tréine vu Freed gekrasch, souguer d'Nopeschen och, well déi stongen all op der Dir. Mäi Papp as op der *Ideal* benoriichtegt gin, Hien huet op der Plaz den Hummer fale gelooss an as direkt heem gelaf. Do hun ech mäi Papp fir d'alleréischt kräische gesin. Mir dräi waren deen Ament déi glécklechst Mënschen op der Welt! Et war de 24. Oktober 1945, ee memorabelen Dag net nëmme fir äis am Wéineberig, mee fir d'ganz Welt, well zu San Francisco sin deen Dag d'***Vereent Natioune*** gegrënnt gin!
Fir mech a méng Elteren huet een neit Liewen ugefaang, ee schéint Liewe fir dat ech dem Härgott bis haut nach ëmmer merci soën.

Pierre RASSEL



Pierre RASSEL-KARIER
9, rue Ausone
1146 Luxembourg - Cessange